



Talkshows sëtzt an net am Prisong, schreift d'Alice Schwarzer an hirem Buch „Prostitution, ein deutscher Skandal“.

Am nordesche Modell, deen d'Prostituéiert als Affër gesäit an d'Responsabilitéit beim Keefer sicht, fir d'Demande ze drosselen, huet d'Stroosseprostitution an zéng Joer ëm d'Halschent ofgehol, an d'Befierchtungen, datt et an d'Ennerwelt ofgetaucht ass, dat konnt net festgestallt ginn enger Evaluatioun no, déi gemaach ginn ass, zéng Joer nom schwedesche Modell. Par contre ass Schweden net méi interessant fir d'Zuhälter an d'Schlepper. D'Gewalt vis-à-vis vu Fraen ass no rezente Polizeiberichter drastesch erofgaangen.

Dat Land, wat Virreider an der sexueller Revolutioun war, ass elo e Land vu Mentalitéitswiessel bei Männer a Fraen a Kanner, wou iwwer 70% hiert Prostitutiounsgesetz ënnerstëtzen. An dat Allerwichtigst, Madame Presidentin: Déi Jugendlech, déi kommend Generatiounen, fannen et selbstverständlech, datt et net méi normal ass, datt ee mat Suen e Kierper kafe kann.

An, Madame Presidentin, ech wäert mech bis u mäi Liewensenn asetzen, datt dës Servicer net als normale Beruff unerkannt ginn an d'Kanner an der Schoul erkläre mussen, wat hir Mamm maache muss, wa se als „Sexarbeiterin“ schaffe muss. Well eppes ass sécher: Et hëlleft net vill, d'Kanner ze sensibiliséieren an ze erklären an de Schoulen, Madame Ministesch, wa mer an der Wierklechkeet eppes anescht virliwwen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Madame Arendt. Als leschten ageschriwwene Riedner ass et elo um Här Fayot. Mir fueren allegueren e bëssen iwwert d'Zäit ewech. Mä ech begreissen et, dass mer awer och elo en zweete Vertrieeder vun der...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - ...männlecher Zuucht...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Jo!

...hei op dem Podium hunn, dat mécht e bësse Richtung Gender-Mainstreaming. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*). - «C'est pas tous les jours qu'elles rigolent - parole, parole», séngt de Georges Brassens a sengem Lidd «La complainte des filles de joie» vun 1962. Et ass en Homage un déi „Filles de joie“, déi nom franséische Gesetz vum 13. Abrëll 1946, dat d'Maisons de tolérance verbueden huet, elo op der Strooss stinn.

De Brassens huet mat deem Lidd seng Sympathie fir déi Fraen ausgedréckt, déi vun den - virun allem männlechen - „Vaches de bourgeois“ ausgenotzt ginn, déi deemools besonnesch ville Krankheeten ausgesat sinn an déi Ufank vun de 60er Jore weder eng sozial nach eng juristesche Ofsecherung haten: «Elles sont méprisées du public, Elles sont bousculées par les flics, Et menacées de la vérole».

Madame President, léif Kolleginnen, léif Kollegen, och wann d'Gesetzer evoluéiert hunn, huet sech an der Approche zur Prostitution an eise Gesellschaften net fundamental vill verännert säit dem Georges Brassens sengem Lidd vun 1962.

Am Abrëll 2015, also méi wéi 50 Joer duerno, dénonciéiert de CID-Femmes a senger Stellungnahme nach déi ambivalent Astellung, déi mir och zu Lëtzebuerg zum Phänomeen vun der Prostitution hunn: «Le CID considère que la prostitution est une expression de la structure patriarcale dominante et une expression d'exploitation sexuelle.»

Dofir ass et esou wichteg, an dat huet d'Taina Bofferding ausféierlech a senger Ried gesot, dass mer versichen, d'Mentalitéiten ze änneren, ënner anerem duerch eng besser a méi décomplexéiert Sexualéducatioun. D'Taina Bofferding huet et och schonn um Schluss vu senger Ried gesot: Fir d'LSAP ass an dësem Débat eppes virrange, an dat ass d'Positioun vun deene Leit, déi sech prostituéieren, ob ee se elo „Prostituéiert“ oder „Travailleurs/travailleuses du sex“ nennt. Déi Prostituéiert zielen haut ëmmer nach zu deenen Allerschwächsten an eiser Gesellschaft, déi zudeem nach enger äusserster Stigmatiséierung an dem Mépris vun den „besseren“ Leit ausgesat sinn.

Si prostituéiere sech zu Lëtzebuerg, well se d'Affär vu Mënschenhandel sinn, well se heihirbruecht ginn, oft just fir dräi Méint oder all Dag, fir hei op de Stréch ze goen, iwwert d'Grenz, oder well se keen anere Choix hunn, well se keng Formatioun hunn a well se mussen hire Kierper verkafen, fir sech a munchmol hir Kanner duerchzebréngen. Och hei handelt et sech oft ëm Alleinerzieher. Munchmol ass och en Drogenproblem am Spill. Egal aus wat fir engem Grond ass d'Prostitution an alle Fäll eng penibel an eng geféierlech Aarbecht.

Fir d'LSAP muss eng Prostitutiounspolitik op d'Situatioun vun eise Land zougeschnidde sinn. Si muss drop erauszielen, d'Traite vun de Mënschen ze bekämpfen an dobäi méi effikass géint d'Proxénèteen an d'Mënschenhändler virzegoen, deene Prostituéierten, déi et wënschen, d'Méiglechkeet ze ginn, dee Milieu a gudde Konditiounen ze verlossen, mä zur gläicher Zäit déi Prostituéiert, déi de Choix gemaach hunn, dee Beruff auszeüben, net ze veruerteelen, net ze diaboliséieren an net ze schikanéieren, mä hinnen au contraire deene néidege sozialen, sécherheetlechen a gesondheetleche Schutz ze ginn, dee mer och anere schaffende Leit hei am Land ginn. Wa mer op de Wee gi vun engem Modell, wou mer d'Prostitution toleréieren, si mer eis dat als Gesellschaft schëlleg!

Madame President, d'Diskussioun ëm de richtige Modell, fir de Phänomeen vun der Prostitution ze encadréieren, ass eng schwieereg. Dat weist dësen Débat. Mir wëssen, an dat ass schonn e puermol gesot ginn, dass Lëtzebuerg dee sougenannten „modèle abolitionniste“ huet, deen dora besteet, dass d'Prostitution toleréiert ass an dass just de Racolage an de Proxénétismus stroferechtlech sanktionéiert sinn. Säit dem Gesetz vum 9. Abrëll 2014 hu mer och eng Infraktioun vun der Traite des êtres humains am Code pénal, déi am Kampf géint d'Prostitution ka beméit ginn, an ech kommen um Enn vu menger Ried dorop zréck.

Parallél dozou gesäit de Règlement général de police vun der Gemeng Lëtzebuerg eng generell Interdiktioun fir de Stroossestréch um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg vir, mat der Ausnahm vun enger begrenzter Zon an der Rue d'Alsace an an der Rue Wenceslas I^{er} op der Gare. Et ass awer elo esou, dass de facto dee Stroossestréch sech - an ech soen dat, ouni wëllen natierlech Reklaméieren ze maachen - an d'Rue du Commerce, d'Rue du Fort Wedell, d'Rue d'Épernay, d'Rue de Reims, d'Rue Mercier verlagert huet, wéi aus enger Antwort vun Justizminister a vum Policeminister vum 7. Juni 2014 op meng parlamentaresch Fro ervirgeet. An neierdénge, dat weess een, wann een op der Gare ënnerwee ass, sinn och eng Rei Prostituéiert an der Hollerecher Strooss präsent. An d'Buergermeeschtesch huet dovunner geschwat, dee Phänomeen déplacéiert sech natierlech: All Kéiers, wa se vun enger Plaz verjot ginn, gi se op eng aner.

Och iwwert dësen Aspekt vun eise Lëtzebuerger Modell sinn d'Fraktiounen ëm hir Meenung gefrot ginn. De Stater Règlement général de police ënnerhëlt engersäits eng Verschäerfung vum Racolage, wéi en am Code pénal virgesinn ass. Domat gëtt d'Prostitution - d'Stroosseprostitution - ganz kloer nach méi condamnéiert a stigmatiséiert. Dat mécht et just nach méi penibel fir déi Prostituéiert, déi op der Strooss stinn, déi schwächst an déi fragillst, déi wahrscheinlech am meeschten am Würgegrëff vu Proxénèteen a Mënschenhändler stinn.

Zur gläicher Zäit gëtt et eng Toleranz, déi begrenz ass op e puer Stroossen op der Gare, wat d'Liewen an deene Quartieren och net besser mécht. An d'Buergermeeschtesch huet dovunner geschwat.

Mir als LSAP, an hei schwätzen ech och als Starter, fannen déi Doppelmoral net gutt. Si huet eppes Heuchleresches. Et ass schonn en eeklege Spektakel, fir owes den Défilé vun oft décken Autoe laanscht a ronderëm d'Post ze gesinn. De Georges Brassens lässt grëssen!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*). - Ech weess, dass et eng Noutléisung ass; ech weess, dass et do keng Solution miracle gëtt. Ech wëll och keng Lektionen hei ginn. Mä et ass sécherlech keng gutt Léisung a keng schéi Situatioun.

Madame President, mir wëssen, dass d'Regierung wëllt um Modèle abolitionniste festhalen, a mir kënnen och mat op dee Wee goen. D'Taina Bofferding ass op d'Gesellschaftsbild agaangen, wat mat der Prostitution verbonnen ass. An ech kann déi Positioun mat zwou Hänn ënnerschreiwen. Doriwwer erass muss een awer erkennen, dass d'Prostitution eng Realitéit ass zu Lëtzebuerg an dass Mënschen aus deene verschiddenste Grënn op sexuell Servicer vu Prostituéierten, männlech, mä an der grousser Majoritéit weiblech, zréckgräifen.

Wäert d'Prostitution verschwannen, wann ee se verbit, nom schwedesche Modell mat enger Sanktioun vum Client? D'Antwort ass, dass d'Prostitution, leider, héchstwahrscheinlech net wäert verschwannen, mä sech entweder wäert an d'Ausland verlagere oder an d'Illegalitéit ofwandere, mat der Gefor, dass eng nei, nach méi schëllem Kriminalitéit entsteet wéi bis elo. Et ass och e Constat, dass a Länner, wou de schwedesche Modell agefouert gouf, de Phänomeen sech just delokaliséiert huet. Dofir kann de schwedesche Modell, wann e soll e Succès ginn, dat ass och schonn e puermol gesot ginn, eiser Meenung no och nëmmen a

ganz Europa agefouert ginn oder op d'mannst an enger Groussregioun, soss verlagert sech de Phänomeen all Kéiers an aner Länner.

D'Plattform „Prostitution“ huet eng Rei aner Bedenke geäussert, déi Der all kennt an déi een am Rapport kann noliessen. Si ass awer net déi Eenzeg, déi Bedenken äussert zum schwedesche Modell. Am Februar 2014 hunn net manner wéi 470 ONGen an Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft souwéi 45 Universitären a Chercheure sech géint e Rapport vun der Europaparlamentarierin Mary Honeyball ausgedréckt, deen d'Kriminalisatioun vun de Clienté vun „sex workers“ präconiséiert.

De Luca Stevenson, selwer „sex worker“ a Koordinator vum „International Committee on the Rights of Sex Workers in Europe“ gëtt dozou folgend Erklärung: „The Swedish Model of criminalisation of clients is not only ineffective in reducing prostitution and trafficking, it is also dangerous for sex workers. It increases stigma which is the root cause of violence against us. It is a failed policy denounced by all sex workers' organisations and many women's, LGBT and migrants' organisations, as well as many UN bodies.“

Eng ähnlech kritesch Stëmm gëtt et vum franséische STRASS. Et kann een dat liesen am Thierry Schaffauser sengem Buch «Les luttes des putes».

Fir d'LSAP gëllt et also, den internationalen Débat ëm de schwedesche Modell weiderzeverfolgen an den Échange mat eise Partner an der Groussregioun ze sichen. Mir sinn do d'accord mat de Recommandatiounen vun der Plattform „Prostitution“, déi jo hir kritesch Haltung par rapport zum schwedesche Modell geäussert huet.

Den däitschen oder hollännesche Modell, de Modèle réglementariste, wou d'Prostitution legal ass a gesetzlech reglementéiert gëtt, wier an den Ae vun der Regierung, dat geet kloer aus dem PV vun der Commission jointe vum 6. November 2014 erass, engersäits bei eis net anzeféieren, well e konträr zu der Convention de New York vun 1950 ass iwwert d'Traite des êtres humains. Doriwwer erass gëtt et seriö Bedenken, och dat ass scho gesot ginn, déi mat deem Modell zesummenhängen.

An enger Etüd vun de Chercheure Laura Barnett a Lyne Casavant vum Juli 2014 kann ee liesen, dass «la plupart des personnes opposées à la légalisation de la prostitution sont d'avis que le modèle hollandais constitue un exemple d'une politique qui s'avère un échec: celle-ci présume en grande partie que la réglementation assure nécessairement la sécurité des travailleurs et travailleuses du sexe. En bref, les experts estiment que seulement 4% des personnes qui s'adonnent au commerce du sexe aux Pays-Bas sont inscrites - les autres travaillent dans la clandestinité. On croit toujours que la majorité des travailleurs et travailleuses du sexe (60% en 2008) ne sont pas hollandais et que bon nombre d'entre eux sont au pays illégalement.»

Dat heescht also, dass trotz Legaliséierung mam Zil, de soziale Statut an d'Ofsecherung vun de Prostituéierten ze verbessern, dës ëmmer nach zu enger grousser Majoritéit an der Clandestinité schaffen an net sozialverséichert sinn. E Phänomeen ganz ähnlech wéi bei eis.

Madame President, ech weess, dass ech schonn um Enn vu menger Zäit sinn, ech kommen och zu engem Schluss.

D'LSAP ënnerstëtzt, och opgrond vun de Konklusiounen vum Rapport vun der Plattform, d'Optioun vun der Regierung, fir un deem abolitionnistesche Modell festzehalen, mat all deene Prioritéiten, op déi d'Taina Bofferding agaangen ass: Exitstrategie, e besseren Encadrement, et cetera.

Ech géif zum Schluss gären op ee Punkt agoen, an dat ass de Renforcement vum Kampf géint de Proxénétismus an de Mënschenhandel. Och dëst gehéiert zur Politik, déi d'Regierung proposéiert, a mir begreissen dat ausdrécklech.

Mir hunn am Fréijoer d'lescht Joer e Gesetz iwwert d'Traite des êtres humains gestëmmt an am Kader vun deenen Diskussiounen ass festgestallt ginn - d'Fro ass vum Marc Angel deemools opgeworf ginn -, dass mer eng Lacune an eise Code pénal hunn, well mer keng Infraktioun hunn, déi d'Ofhuele vun Identitéits- a Reespabeiere sanktionéiert. Et ass gewosst, dass ee ganz einfache Moyaen, fir engem Mënsch seng Fräiheet ze huelen an anzëschränken, dora besteet, him säi Pass oder seng Reespabeieren ofzehuelen. Et ass gewosst, dass dat och bei Proxénèteen zu Lëtzebuerg gemaach gëtt.

5. Dépôt d'une proposition de loi par M. Franz Fayot

Dofir géife mer haut gären am Numm vun der LSAP-Fraktioun, fir an dësem Débat eise Steen zur Bekämpfung vum Proxénétismus bäize droen, eng Proposition de loi déposéieren, déi

virschléit, dës Infraktioun an eise Code pénal am Kapitel iwwert d'Traite des êtres humains anzeféieren.

Mir géifen domadder enger Recommandatioun vum GRETA nokomme vum Januar 2014, dee präconiséiert, dass Lëtzebuerg déi Infraktioun soll a säin Droit aféieren. Ech géif dann heimadder déi Proposition de loi bei Iech déposéieren.

6808 - *Proposition de loi relative aux pratiques illicites eu égard aux documents de voyage ou d'identité et modifiant le Code pénal*

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci.

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*). - An ech hoffen, dass dës Proposition de loi och wäert eng breet Zoustëmmung vun all de Fraktiounen aus der Chamber kréien.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Fayot. Ech ginn och Akt vum Dépôt vun der Proposition de loi.

6. Débat de consultation sur la prostitution au Luxembourg (suite)

Mir hunn elo den Tour gemaach vun all den ageschriwwene Riedner. Ech soen Iech Merci fir Är Moderatioun an d'Serenitéit vun all Ären Interventiounen zu dësem dach ganz delikate Sujet.

An ech ginn elo direkt d'Wuert erëm un d'Regierung. Den Här Braz ass deen éischten, deen op d'Tribün kënnt. Här Justizminister, Dir hutt d'Wuert.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice.* - Merci, Madame Presidentin. Ech wëll och mat zwee, dräi weidere Mercien direkt weiderfueren. Deen éischten un d'Madame Mutsch fir déi flott Zesummenaarbecht, déi mer zënter annerhallwem Joer mat deem Dossier hei hunn. Ech hu si do kennegeléiert als eng, déi ganz engagéiert schafft fir konkret a machbar Léisungen. D'Politik ass d'Konscht vum Machbaren, net déi vum Wëschenswäerten.

E Merci och deene Leit, déi an der Plattform matschaffen. Si hunn, fannen ech, eng exzellent Aarbecht gemaach, net eréischt zënter annerhallwem Joer, och déi Zäit scho virdrun. An d'Resultat vun deem Dokument, wat si op den Dësch geluecht hunn, ass e Resultat, wat eng sachlech Debatt zu Lëtzebuerg misst erméiglechen op där heiter Fro.

Merci awer och der Chamber fir all déi Ureegungen de Mëtteg. An ech wëll probéieren, ier d'Regierung definitiv Konklusiounen hält opgrond vun dëser Diskussioun, dach op déi eng oder aner, déi am Beräich vu mengen Attributiounen leien, trotzdeem eng éischt Antwort ze ginn.

De Cadre légal zu Lëtzebuerg ass de Mëtteg schonn eng Kéier vun der Madame Polfer kuerz ëmrass ginn: Racolage a Proxénétismus sinn zu Lëtzebuerg verbueden, d'Prostitution am Prinzip net.

Mir hunn awer nach weider Legislatiounen an deem heite Beräich, notament déi iwwert de Mënschenhandel, eng Legislatioun, déi hei zu Lëtzebuerg zréckgeet op d'Joer 1999 schonn. Do gouf et déi éischt Legislatioun. Eng zweet gouf et am Joer 2009, wou mer d'Konventioun vum Conseil de l'Europe ëmgesat hunn, déi sougenannt „Warschauer Konventioun“. A mir hunn am Joer 2014 fir d'Lescht eis Legislatioun, ech géif bal soen „feingetunt“, wéi mer eng Direktiv aus dem Joer 2011 ëmgesat hunn, déi awer ganz no un der Warschauer Konventioun vum Conseil de l'Europe läit, soudass mer do just nach am relativ rengen Beräich Modifikatiounen gemaach hunn.

Déi, déi op de Mënschenhandel hei zu Lëtzebuerg hiweisen, leie richteg: D'Prostitution zu Lëtzebuerg ass ganz sécher zu engem ganz groussen Deel um Hannergrond vu Mënschenhandel, deen zu Lëtzebuerg verbueden ass, wou et awer schwieereg ass, déi Leit, déi sech dem Mënschenhandel schëlleg maachen, ze iwwerféieren. An dat huet Grënn: Et muss ee Beweiser hunn, wann ee viru Gericht ee wëllt condamnéiert kréien. Nëmme sinn d'Beweiser an dëser Matière ganz schwéier ze sammelen. Well och déi, déi sech an deem heite Beräich beräicheren op d'Käschte vun deene jonke Fraen a jonke Meedercher, déi kennen d'Gesetzer och, kennen och d'europäesch Gesetzgebung a wëssen, wéi se sech mussen uleeën, fir praktesch ënnert dem Radar kënnen ze zirkuléieren.